



Commune de BERTRANGE



CLUB AM SCHLASS



JANUAR - ABRËLL
2026



VIRWUERT

A schonn ass bal erëm e Joer ëm an den Hierscht mécht dem Wanter Plaz. D'Temperature fale weider an d'Beem hunn hir lëscht Blieder fale gelooss. Mir bereeden eis elo op déi gemittlech Wanterzäit fir a freeën eis op déi besënnelech Chrëschtzäit.

Mir maachen lech nach eng Kéier drop opmierksam datt et ab dësem Joer eng kleng Ännerung am Programm gött. Den NeiJoerschpatt gött zum Chrëschtspatt an eis Seniorefeier ass am Januar.

Eis beléiften Trëppeltier sinn natierlech och mat dobäi, genau sou ewéi eis Filmnomëtteger an eisen Thé Dansant. Nei dobäi sinn eis Spillnomëtteger, bei deene mir och eppes Änleches ewéi e Smartphone Café integréieren.

Genau ewéi op eis léif Leit déi säit Joren an eisem Club am Schloss dobäi sinn, freeë mir eis awer och iwwert all déi nei Gesichter déi mat waren an déi déi nach nei dobäi kommen. Am Numm vum Club Am Schloss wënsche mir lech wonnerschéi Feierdeeg an e gudde Rutsch an dat neit Joer.



Mir freeën eis op lech.
Mandy a Sharon



CONTENT

Trëppeltier	06
Spillnomëtteger mat “Smartphone Hëllef”	10
Filmnomëtteg – Qu’est-ce qu’on a fait encore au bon dieu ?	12
Visitt bei Luxtram	14
Ausfluch op Metz	16
Visitt vun der Air Rescue	18
Ausfluch op Heidelberg	20
Filmnomëtteg – The Best Exotic Marigold Hotel 2	22
Ausfluch op Stroosbuerg – Europäescht Parlament a Batorama	24
Konferenz	26
Thé Dansant	28
Visitt vu Verdun	30
Vakanz an Holland	32
SAVE THE DATE – Rhein in Flammen	34
Fotosréckbléck	36
Notizen	56
Shared Space - Règlement principal	58
Informationen / informations	59



TRÉPELTIER

mam Ed Pansin



Es gehört wohl zum Schönsten, was es gibt, sich ein Land zu erwandern.

Erika Hubatschek

Wandern ist die vollkommenste Art der Fortbewegung, wenn man das wahre Leben entdecken will. Es ist der Weg in die Freiheit. – Elizabeth von Arnim

Den Hierscht ass schonn erëm eriwwer an déi kal Wanterzäit brécht eran. Trotz der Keelt, loosse mir eis net ofhalen eraus aus dem Haus ze kommen. Duerfir bidde mir lech eis Trëppeltier mam Ed Pansin och am Wanter un. D'Departe gitt Dir bei der Umeldung gewuer. Wa mir net am Duerf trëppele ginn, an Dir keng Méiglechkeet hutt fir selwer op den Treffpunkt ze kommen, versiche mir lech gären eng Matfuergeleeëenheet ze organisieren.

Konditioun: Gutt zu Fouss

Vergiesst och wannechgelift net fest Schong a Gedränk matzehuelen!

D'Participatioun erfollegt op eege Verantwortung.



 **06.01.2026**

 13.30 Auer

 5 - 8 KM

 **20.01.2026**

 13.30 Auer

 5 - 8 KM

 **03.02.2026**

 14.00 Auer

 5 - 8 KM

 **03.03.2026**

 14.00 Auer

 5 - 8 KM

 **17.03.2026**

 14.00 Auer

 5 - 8 KM

**Umeldung bis de
jeeweilegen Dag virdrun!**
(eng Woch virdu wa mir
dee ganzen Dag ginn)

PROGRAMM

Janvier - Avril





SPILL NOMËTTEG

MAT SMARTPHONE HËLLEF



Well mir leider kee Smartphone Café méi ubidde können, hu mir eis geduecht mir kéinte geselleg Spillnomëtteger organiséiere bei deene mir lech och mat einfache Problemer mam Smartphone hëllefë können. Mir si keng Informatik Profien, mee mir ginn awer eist Beschtt lech esou gutt et geet ze hëllefën, an dat verbonne mat gemittleche Gesellschaftsspiller. Esou kréie mir déi kal Nomëtteger zesummen an enger lëschtenger Ambiance ëm.



 **09.01.2026**

 14.00-16.00 Auer

 **06.02.2026**

 14.00-16.00 Auer

 **03.03.2026**

 14.00-16.00 Auer

 **Maison
Schauwenburg**
1. Stock

**Umeldung bis
eng Woch virdrun.**

FILMNOMÉTTES

QU'EST-CE QU'ON A FAIT ENCORE AU BON DIEU ? | Un film de Philippe de Chauveron



Le retour des familles Verneuil et Koffi au grand complet ! Claude et Marie Verneuil font face à une nouvelle crise. Leurs quatre gendres, Rachid, David, Chao et Charles sont décidés à quitter la France avec femmes et enfants pour tenter leur chance à l'étranger. Incapables d'imaginer leur famille loin d'eux, Claude et Marie sont prêts à tout pour les retenir. De leur côté, les Koffi débarquent en France pour le mariage de leur fille. Eux non plus ne sont pas au bout de leurs surprises...



CHRISTIAN CLAVIER CHANTAL LAUBY

QU'EST-CE QU'ON A ENCORE FAIT AU BON DIEU ?

UN FILM DE PHILIPPE DE CHAUVERON

Isabelle & Rachid Laure & Charles Nicole Viviane Chao & Ségolène David & Odile

Marie & Claude Verneuil André & Madeleine Koffi

APY MEDY FRÉDÉRIC NOOM FRÉDÉRIQUE JULIA ÉMILIE ÉLODIE PASCAL SALAHADIA TADJANA CLAUDIA
ARBITAN SADOUN CHAU DIAWARA BEL PIATON CAEN FONTAN NZONZI KAMATE ROJO TAGBO

PRODUIT PAR ROMAIN ROYTMAN SCÉNARIO ET RÉALISATION PHILIPPE DE CHAUVERON « GUY LAURENT

MONTAGE QUINCY CHENARD ASSISTANT RÉALISATEUR ET RÉALISATEUR ADRIEN LAFITE RÉALISATEUR ADRIEN LAFITE RÉALISATEUR ADRIEN LAFITE RÉALISATEUR ADRIEN LAFITE RÉALISATEUR ADRIEN LAFITE

www.lebonfilm.com



07.01.2026



15.00 heures



ArcA



Gratuit



99 min



Inscription
jusqu'au 31
décembre 2025

VISITT BEI LUXTRAM





Zanter 2017 fiert den Tram erëm an eiser schéiner Hauptstadt. Den Tram war ufanks an aller Mond, an deen een oder Anere war net grad iwwerzeegt vun der Iddi datt en erëm fiert. Den Tram huet awer esou en Uklang fonnt, datt d'Linnen haut ëmmer méi wäit ausgebaut ginn. Ëm 120.000 Leit benotzen deeglech den Tram an Dir waart bestëmmt och schonn eemol do dobäi. Mee ewéi funktionéiert de ganze System? Kommt mat eis op eng geféiert Visitt bei Luxtram a gitt dat méi genau gewuer. Mir huele Moies den ëffentleche Bus an duerno den Tram, deen eis direkt an den Tramsschapp bréngt.

Fir net direkt no der Visitt erëm heem ze goen, kennt e Bus eis sichen a bréngt eis bei de Restaurant Beim Kueb fir z'essen a Keelen ze spillen. Mir iesse à la Carte.



14.01.2026

Depart: 09.00 Auer
Retour: +17.30 Auer

Gemeng

15 € (ouni lessen)

**Umeldung bis den
02. Januar 2026**

AUSFLUCH OP METZ





Eisen Ausflug ob Metz kombinéiert Geschicht, Architektur, Gastronomie a Konscht op eng faszinéierend Manéier. Et ass e perfekten Dagestrip fir Leit, déi eng räich kulturell Erfahrung sichen ouni wäit fueren ze mussen.

Bei enger geféierter Visitt gesi mir eent vun de bekanntste Gebaier, d'Kathedral St. Étienne. Dëst ass eng vun de gréisste Gotik-Kathedralen an Europa mat fantastesch schéine Glasfënsteren. Donieft ass och d'Plaz Saint-Louis mat hirem mëttelalterleche Charakter. E Must-See, genee esou ewéi de Quartier Impérial aus der Zäit vum Däitsche Räich.

Fir Mëttes gött et och eppes Guddes an engem Restaurant z'iessen. De Menü kënn nach no.

No eise Spadséiergang duerch d'Stad an eiser Stärkung am Restaurant ass et Zäit fir Kultur. Mir besichen de Centre Pompidou-Metz, e moderne Konschtmusée deen en architektonescht Meeschterwierk ass. Mir kréien hei eng Visitt vun der aktueller Ausstellung a kënnen dat wonnerschéint Gebai erfuerschen. Duerno fuere mir erëm heem.



28.01.2026



Depart: 08.30 Auer
Retour: +17.30 Auer



Gemeng/Dicks/
ArcA/Fleuri



125 € (mat engem
3 Gäng Menü +
engem
alkoholeschen
Gedrénks +
Waasser + Kaffi)



**Umeldung bis den
2. Januar 2026**

VISITT VUN DER AIR RESCUE



D'Luxembourg Air Rescue (LAR) ass eng humanitär a medezinesch Organisatioun, déi zanter 1988 am Déngscht vum Mënsch steet. Si ass bekannt fir hir Rettungshelikopteren a Rettungsflich an hëlleft net nëmme zu Lëtzebuerg, mee och am Ausland.

Bei eisem Besuch kréie mir e spannenden Abléck an d'Aarbecht vun dëser wichteger Organisatioun. D'Guiden erklären ewéi d'Piloten, d'Dokteren an d'Paramediziner zesummeschaffen wann all Sekonn zielt. D'LAR erkläert eis ewéi si organiséiert sinn an dir kënnt lech hir Helikopteren ukucken.

Zum Schluss huet een eng Iddi kritt, wéi vill Engagement, Präzisioun a Courage hannert dëser Aarbecht stécht. D'Visitt ass net nëmme spannend, mee och eng flott Erfahrung, déi weist, wéi wichteg Solidaritéit a séier Hëllef am Noutfall sinn.

Virdru fuere mir an de Restaurant Brasserie du Cercle iessen.

- Boeuf Bourguignon mat Gromperen
- Zitrounentaart

Well d'Police d'Accèsen op den Terrain vum Fluchhafen kontrolléiert, musst Dir eis eng Kopie vun ärer Carte d'Identité zoukomme loosse bei der Aschreiwung an d'Carte d'Identité natierlech den Dag selwer och matbréngen.



 **11.02.2026**

 Depart: 11.15 Auer
Retour: +18.00 Auer
zu Bartreng

 Gemeng/Dicks/
ArcA/Fleuri

 70 € (mat lessen +
enger Coupe +
engem Glas Wäin/
Béier/Softdrink)

 **Umeldung bis de
26. Januar 2026**

AUSFLUCH OP HEIDELBERG

Schloss & Körperwelten



Mir fueren op Heidelberg a gi fir d'éischt d'Schlass kucken an dann d'Ausstellung "Körperwelten".

D'Schlass vun Heidelberg ass eent vun de bekanntste Schlässer an Däitschland a steet iwwer der aler Universitätsstad. Bei engem gefouerten Tour entdeckt een déi imposant Ruinen, déi renomméiert Fassad am Renaissance-Stil genau ewéi déi majestéitesch Terrasse mat Bléck iwwer de Neckar Floss. D'Guiden zielen eis iwwer seng fréier Herrscher an erklären seng Bedeitung fir d'Regioun. Highlight vum Tour ass d'Besiche vun de weltgréisste Fässer a vum Apdikte-Musée am Schlass.

Nom Mëttegiesse geet et weider an d'Ausstellung "Körperwelten". Si weist d'Komplexitéit vum mënschleche Kierper op eng eenzegaarteg Manéier. Mat Hëllef vu plastinierte Kierper an Organer kritt een en direkten Abléck an d'Anatomie, d'Fonctionnement vum Kierper an och den Afloss vum Liewensstil. Bei engem gefouerten Tour gi mir duerch déi verschidde Sektione geleet an d'Guiden erklären déi wëssenschaftlech a medezinesch Hannergrënn. Et ass eng Ausstellung, déi gläichzäiteg léierräich a faszinéierend ass.

Dotëscht kréie mir dann am Restaurant Backhaus am Schlass de follgende Menü zerweiert:

- Badesch Gromprenzopp mat Botercroutons a frësche Bratzelen
- Badesche Roudwäinbrot mat Bretzelknödel a Kabescrème
- Stoffimousse op Wëlbierengrütze mat Vanillcrème



25.02.2026



Depart: 07.00 Auer
Retour: +21.00 Auer
zu Bartreng



Gemeng/Dicks/
ArcA/Fleuri



125 € [mat lessen,
ouni Gedränks]



**Umeldung bis de
9. Februar 2026**


FILMNOMÉTTEG

THE BEST EXOTIC MARIGOLD HOTEL 2 | Ein Film von John Madden



Im Best Exotic Marigold Hotel hat sich einiges getan: Sonny muss sich um die Gäste und die Bewirtschaftung kümmern, obwohl er doch eigentlich nach einem geeigneten Ort sucht, an dem er um Sunains Hand anhalten kann. Dabei hat er bereits Unterstützung, denn Muriel ist mittlerweile Co-Managerin des Hotels. Allerdings besteht ihre Aufgabe offensichtlich hauptsächlich darin, sich die Sorgen und Nöte der Gäste anzuhören. Madge hat beispielsweise zwei Verehrer, die sie nicht verlieren will, Norman und Carol sind ständig damit beschäftigt, ihre Partnerschaft ausdiskutieren, während Evelyn und Douglas angefangen zu arbeiten.

In die Riege der bereits bekannten Gäste reiht sich jedoch auch ein Neuankömmling ein. Sonny hat allerdings nur noch ein Zimmer frei und weiß nicht, ob er dieses Lavinia oder dem Neuling geben soll...



 **11.03.2026**

 **15.00 Uhr**

 **ArcA**

 **Gratis**

 **122 min**

 **Anmeldung bis
zum 4. März 2026**

AUSFLUCH OP STROOSSBUERG

EUROPÄESCHT PARLAMENT A BATORAMA





D'Europäescht Parlament zu Stroossbuerg ass ee vun de wichtegsten Instituter vun der Europäescher Unioun. Während eiser Tour kréien mir en détailléierten Abléck an d'Aarbecht vun de Vertrieeder aus de 27 Memberstaaten.

Dir kënnt de Plenièresall gesinn, wou déi grouss Debatten an d'Ofstëmmunge stattfannen. Duerch modern Multimedia-Guiden a Presentatioune kritt een erkläert, wéi Gesetzer entstinn, wéi déi politesch Gruppen zesummeschaffen, a wéi d'Parlament d'Liewe vun de Bierger an der EU beaflosst.

Mëttes gëtt e gudde Maufel ze iessen, de Menü a Restaurant kommen nach no.

Nodeems mir eis gestärkt hunn, geet et weider op eng Bootsrondfaart duerch d'Kanäl zu Stroossbuerg. Mir kréien hei e bësse méi iwwer déi elsässesch Haaptstad erkläert.



11.03.2026



Depart: 07.00 Auer
Retour: 20.30 Auer



Gemeng/Dicks/
ArcA/Fleuri



60 € (ouni lessen)



**Umeldung bis den
13. Februar 2026**

KONFERENZ MY GUICHET

AMTSWEEËR EINFACH ONLINE ERLEEDEGEN | Mam Jean Peters



Entdeckt, wéi Dir Är Amtsweeër bequeem vun doheem aus iwwer MyGuichet.lu erleedegé kënnt! Dës Konferenz féiert Iech Schrëtt fir Schrëtt duerch d'Benotzung vun der Plattform a weist Iech, wéi Dir Är digital Identitéit sécher asetzt.

Um Agenda:


- Digital Identitéit: Wat ass dat a firwat ass se wichteg?
- Guichet.lu a MyGuichet.lu: Iwwersiicht vun de Plattformen.
- Registréierung an Umeldung: Sou fänkt Dir mat MyGuichet.lu un.
- Beispiller: Praktesch Uwendungen fir Är Amtsweeër.

D'Léierziler sinn:

- Verstoen, wat eng digital Identitéit ass a firwat se eng Roll spillt.
- Wësse, wéi Dir Är digital Identitéit sécher schützt.
- Guichet.lu a MyGuichet.lu kenneléieren an hiren Zesammenhang verstoen.
- Léieren, wéi ee MyGuichet.lu benotzt, fir Amtsweeër ze erleedegen.

Spuert Zäit a maacht Är Amtsweeër digital – einfach, sécher a praktesch!
Dëst ass kee Workshop mee eng Konferenz, dir kritt hei keng individuell Berodung mee eng Iwwersiicht iwwer den Tool.

D'Konferenz ass op Lëtzebuergesch.



18.03.2026



14.00 - 15.30 Auer



**Maison
Schauwenburg
(2. Stack)**



Gratis



**Umeldung bis den
11. Mäerz 2026**

THÉ DANTSANT

MAM ORCHESTER EVER DANCE



Der Tanz ist ein Gedicht, bei dem jede Bewegung ein Wort ist.

Mata Hari.

Et ass erëm Zäit fir d'Danzschong aus dem Schaf ze huelen a bei eis op eisen traditionellen Thé Dansant ze kommen. Den Orchester "Ever Dance" weess genee wéi en lech an déi richtig Stëmmung an op d'Danzpist bréngt.

Natierlech ass jiddereen häerzlech invitéiert, och déi déi net gären tanzen a just e flotten Nomëtten a gudder Gesellschaft wëlle verbréngen.

Fir lessen an Drénken ass gesuergt.



22.03.2026



14.30 – 19.00 Auer



**Centre Atert
(Festsall)**



Gratis



**Umeldung bis den
13. Mäerz 2026**

AUSFLUCHH OP **VERDUN**





Kommt mat eis op Verdun, eng franséisch Stad mat vill Geschicht. Si ass virun allem bekannt wéinst der grousser Schluecht vu Verdun (1916) am Éischte Weltkrich, awer och fir den Ursprung vun der Produktioun vun Dragéeën.

Mir fänken eisen Dag mat enger Ronnfaart un, bei där mir mat eisem Bus op déi wichtegst Plaze an der Stad fueren. Fir eis Mueres Programm ofzeschleissen, gi mir d'Braquier Dragées-Fabrik kucken.

Mëttes gi mir an de Restaurant Les Orchidées iessen. Dir kënnt lech e Plat an en Dessert aussichen:

- Als Plat gött et Filet de poulet sauce crème et champignons
- Als Dessert gött et eng Schockelas-Mousse

Mëttes dréit sech dann alles ëm d'Schluecht vu Verdun. Mir fueren och erëm mat eisem Bus op déi verschidde wichteg histoersch Plazen, ewéi ënnert anerem de Monument Maginot, de Monument du Lion, sou wéi och dat zerstéiert Duerf Fleury-devant-Douaumont.



i



25.03.2026



Depart: 07.30 Auer
Retour: 20.15 Auer



Gemeng/Dicks/
ArcA/Fleuri



105 € (mat lessen
+ engem ¼ Wäin/
1 Softdrink/Téi/
Kaffi)



**Umeldung bis den
09. Mäerz 2026**

VAKANZ AN HOLLAND



Mir fuere Moies um 7.00 Auer fort an direkt op Den Haag. Hei kréie mir eng Féierung vun der Stad a maachen duerno nach eng Bootsfaart duerch d'Grachten. Dann ass et awer genuch fir den éischten Dag a mir fueren an den Hotel fir d'Owesiessen.

Den Dag drop fuere mir fréi a Richtung Keukenhof fir déi wonnerschéin Tulpen a Blummewise kucken ze goen. Mir hunn hei de ganzen Dag Zäit duerch de Park ze schlenderen an déi vill verschidde faarweg Blummen ze bestaunen. Owes fuere mir erëm an den Hotel an lessen.

Den Dag drop fänke mir u mat dem gréissten Naziprisoning an Holland. Mir kucken eis d'Zellen a Räum un a kréien e Gesamtbild vun deem wat d'Leit während dem Zweete Weltkrich erlieft hunn. No der Visitt gi mir nach op d'Riserad wat um Pier geleeën ass a kennen de Rescht vum Dag gemittlech iwwert d'Promenad trëppelen.

De leschten Dag gi mir de Madurodam, eng hollännesch Miniatur Welt kucken a fueren nach op den Haagse Markt. Do kënne mir nach e puer Souveniren apaken éier et erëm an de Bus fir heem geet. Ënnerwee lesse mir och nach zesummen.

Abegraff am Präis sinn:

- Véier Nuechten am Hotel Bilderberg**** mat Frühstück an Owesiessen (ouni Gedréinks)
- Eng Féierung duerch Den Haag
- Eng Bootsfaart duerch Den Haag
- D'Entréeë fir de Keukenhof an de Madurodam
- Den Oranjehotel World War II zu Scheveningen an de Pier Skyview
- En Owesiessen um Heemwee
- Den Transport vun der ArcA an Holland an zeréck. Dir kënnt fir 35€ zousätzlech och doheem ofgehall ginn.



22. - 25.04.2026



07:00 Auer



ArcA



1050 € p./Pers. am Duebelzëmmer a

1200 € p./Pers. am Einzelzëmmer

(de Präis kann nach llicht variéieren je no der Unzuel vun de Leit)



Umeldung bis den 13. Januar 2026

SAVE THE DATE

RHEIN IN FLAMMEN





i

**Mir fuere vum 4. Juli bis de 5. Juli op Bingen/Rüdesheim
fir e ganz speziellen Event. Genéisst vum Schëff aus
wonnerschéi Liichter a Feierwierker
während dem Rhein in Flammen.
*De geneeë Programm mat de Präisser kënnt no.***

FOTOS RÉCKBLÉCK

Mee 2025 - Oktober 2025





AKTICA

PENTACON

auto

1.8/50

MULTI COATING

VISITT MARIA LAACH





CROCO ROUGE









SUMMERFEST





TORRÉFACTION BRUNO









THÉ DANSANT





TRÉPPELTIER





TRÉPPELTIER





NOTIZEN



Maacht lech hei Notizen zu den Aktivitéiten
déi Dir maache wëllt

This image shows a single sheet of white paper with horizontal ruling lines. The lines are evenly spaced and run across the width of the page. There are no margins, text, or other markings on the paper.

[illegible]



Commune de B E R T R A N G E



Shared Space

RÈGLEMENT PRINCIPAL



La voie publique est ouverte à la circulation motorisée, cycliste et piétonne



Vitesse maximale autorisée de 20km/h




Priorité à droite absolue



Le stationnement est interdit sauf sur les emplacements aménagés

1	Stadion André Wolff	64	4H max	8	Gemeng	24	2H max
2	Kierfecht	30	4H max	9	Am Zentrum	125	4H max
3	Duerfgaart	9	2H max	10	Atert	22	4H max
4	Beim Schloss	8	2H max	11	Tennis	18	4H max
5	Beim Schloss	13	1H max	12	Péitruess	83	4H max
6	Oppert	12	2H max	13	Apdikt	4	1H max
7	Schauwebuerg	8	1H max	A	ArcA (SANS DISQUE)	37	48H max



JOURS OUVRABLES DU LUNDI AU VENDREDI DE 08H00 À 18H00

INFORMATIONEN INFORMATIONS

WICHTIGE HINWEISE:

Die Teilnahme an Aktivitäten erfolgt auf eigene Verantwortung.

Anmeldungen werden telefonisch und per E-Mail entgegengenommen. Sie werden umgehend informiert, ob ein Platz frei ist oder ob Sie auf der Warteliste stehen.

Wurde Ihnen mündlich oder per E-Mail ein Platz zugesichert, dann überweisen Sie binnen 7 Tagen den entsprechenden Betrag mit dem korrekten Vermerk.

Ihre Anmeldung ist verbindlich.

Sollten Sie aus gesundheitlichen Gründen absagen müssen, so informieren Sie uns sofort. Unter Umständen können wir Ihren Platz an einen Interessenten weitergeben. Die für uns entstehenden Unkosten werden nicht zurückerstattet.

Bei vielen Aktivitäten werden Fotos von den Teilnehmern gemacht. Diese werden zur Publikation genutzt. Sind sie nicht damit einverstanden, dass ein Foto von Ihnen veröffentlicht wird, dann teilen Sie uns dies schriftlich mit.

AVIS IMPORTANTS:

L'utilisateur participe aux activités à ses propres risques. La commune décline toute responsabilité en cas d'accident.

Les inscriptions aux activités se font soit par téléphone, soit par courriel.

En cas de confirmation de votre inscription, veuillez effectuer le paiement dans les meilleurs délais.

Votre inscription est contraignante.

Si vous êtes dans l'incapacité de participer aux cours pour des raisons médicales, veuillez-nous en informer dans les meilleurs délais. Le cas échéant, votre place sera confiée à une personne sur la liste d'attente. Les frais d'inscription ne peuvent être remboursés dans aucun cas.

Lors de toute activité, des photos peuvent être prises et peuvent être reprises dans des publications. Si vous ne voulez pas figurer dans des publications, veuillez nous en informer en avance et par écrit.



Einschreibungen / Inscriptions

Club Am Schloss

26 312 250/255 ou clubamsschloss@bertrange.lu

Comptes bancaires:

BCEE LU15 0019 1001 0292 6000 / CCPL LU54 1111 0070 9110 0000



**Club
Am Schloss**
centre de rencontre



COMMUNE DE BERTRANGE SERVICE 50+

2, BEIM SCHLASS | L-8058 BERTRANGE

WWW.BERTRANGE.LU

HEURES D'OUVERTURE

LUNDI AU VENDREDI
08:00 À 12:00 & 13:00 À 16:00



26 312 - 250 / 255



Circleoffset
Premium White